ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI
Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 1. Februar 2021

Här President,

Sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Minister fir Kommunikatioun a Medie weiderzeleeden.

Um Site vum Radio 100,7 war den 31. Januar 2021 en Artikel ze liesen, dee fir eng «Ethik des Ignorierens» antrëtt. Den Auteur ënnersträicht, datt mir an enger Welt liewen, wou ee permanent ugesprach gëtt, digital, verbal. De Mënsch gëtt doduerch an e permanenten Opmierksamkeetsmodus versat, deen op Dauer lästeg ka sinn. Am Ignoréiere gesäit de Verfaasser eng gréisser Autonomie wéi am Nolauschteren. Ënnermauert gëtt dëse Gedanke mat ville Beispiller aus dem Alldagsliewen. Messenger-Déngschter, sozial Netzwierker a sëllegen aner Kommunikatiounsmedie sinn net aus eisem Liewen ewechzedenken. Fir déi eng Leit wär dat e Fluch, fir déi aner e Seegen.

Iwwert dat privat Liewen eraus, deent den Auteur seng Gedanken iwwer d'Ethik och op déi medial Berichterstattung aus. Hie bezitt sech dobäi explizitt op rezent politesch Entwécklungen. Ech zitéieren: «*Ist es beispielsweise gerechtfertigt, dass wir die geballte mediale Aufmerksamkeit einer Handvoll Rednecks schenken, die in das Kapitol eindringen? Oder den sogenannten Querdenkern, einem Phänomen, das trotz seiner realen Marginalität medial unverhältnismäßig aufgeblasen wird. Was wäre, wenn man rechte Populisten, selbsternannte Patrioten, arrogante Verschwörungstheoretiker oder dümmliche Machos einfach ignoriert, anstatt ihnen einen Platz in unserer Aufmerksamkeit einzuräumen?*»

Den 100,7 ass deen eenzegen ëffentlech-rechtleche Radiosender zu Lëtzebuerg (woubäi a sengem Verwaltungsrot notamment Vertrieder aus dem Kommunikatiouns-, Kultur- a Finanzministère sëtzen). Dowéinst ass et diskussiounswürdeg, wann am ëffentlech-rechtleche Raum Reportagë bruecht ginn, déi als en Opruff zur selektiver Berichterstattung oder zur Zensur kënne verstane ginn.

Dowéinst wéilt ech der Regierung dës Froe stellen:

1. Bekennt sech d'Regierung zu der Pluralitéit *an* de Medien an net nëmmen zu der Pluralitéit *vun* de Medien? Wëll d'Regierung am Verwaltungsrot vum 100,7 dorop insistéieren, datt den 100,7 all Evenementer op eng neutral an objektiv Manéier duerstellt a keng gesellschaftlech oder politesch Gruppéierungen ignoréiert oder zenséiert?

2. Wéi stellt sech d'Regierung zu Phenomener wéi enger «Cancel Culture» oder enger «political correctness», déi esou verstane ginn, datt verschidde Meenungen net méi solle publizéiert oder diskutéiert ginn?

Mat déiwem Respekt,



Fernand Kartheiser
Deputéierten